



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7308 vum 6. Dezember 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Ass et net méiglech fir dësen Deel vun der N7 duerch Maarnich a Fëschbich ze securiséieren – am Besonnesche beim Hotel-Restaurant? (tëscht dem Rond-Point bei der Transversale an dem Lieu-dit “dräi Hiwwelen”)

Wéi och schonn an der parlamentarescher Fro n°6233 vum Här Deputéierte Jeff Engelen duergeluecht, stoungen op der Héicht vu Maarnech a Fëschbech, wärend dem Ausbau vun der Nationalstrooss N7 an de 70er respektiv 80er Joren, nëmmen e puer vereenzelt Haiser laanscht d'Strooss. D'Unzuel vun den Haiser ass awer am Verlaf vun de Joren duerch déi zousätzlech Bebauung vun deenen un d'N7 ugrenzende Parzelle geklommen. Esou ass d'N7 deemools och ni als “Duerfstrooss” ugeduecht gewiescht.

Als Reaktioun op déi zousätzlech Bebauung laanscht d'N7 ass déi maximal erlaabte Vitesse op där Plaz op 70 Stonnekilometer erofgesat ginn, a fir den Automobilist zousätzlech op dës Vitess opmierksam ze maache respektiv ze sensibiliséieren, sinn niewent der Beschëlderung, zwou Geschwindegkeetstafelen opgeriicht ginn.

Wa jo, wéi kéint dës Streckenschnëtt punktuell nei amenagéiert ginn?

Allgemeng ass ze betounen, datt d'Stroossebauverwaltung uechter d'Land probéiert geféierlech Zonen ze detektéieren a se dann, jee no Prioritéit a Ressourcen, progressiv ze eliminéieren. Den Ament gëtt an der Géigend vu Maarnech un e puer relativ groussen a komplexe Projete geschafft, an zwar der Securisatioun vun der N7, dem Contournement vun Hengescht an dem Contournement vun Housen.

De Projet vun der Securisatioun vun der N7 konzentréiert sech op déi Tronçonen déi ausserhalb vun den Uertschaften respektiv de Flouernimm leien. Hei gëtt zum Beispill déi maximal erlaabte Vitesse op 90 Stonnekilometer uniformiséiert, Mëttelleitplanken amenagéiert, an esou weider.

D'Uertschaften dogéint gi punktuell duerch baulech Mesuren an hiren Aganksberäicher securiséiert. Esou ass am nördlechen Agang vu Fëschbech e Rond-point geplangt, deen d'Uertschaft kloer markéiert an dem Automobilist signaliséiert, datt hien sech an enger Agglomeratioun befënnt.

Zousätzlech Moosnamen an den Uertschaften, wei zum Beispill d'Amenagéiere vu Mëttel-Insele bei Zebrasträifen, d'Beliichtung vun Zebrasträifen, d'Opriichte vun digitale Geschwindegkeetstafelen an esou weider, kënnen och vun der Gemeng op Basis vun enger “Permission de voirie” realiséiert ginn.

Et ass awer ze bemierken, datt nieft all den Efforten, déi um Niveau vun der Infrastruktur ënnerholl ginn, d'Automobiliste gebiede sinn hir Fuerweis unzepassen, fir geféierlech Situatiounen ze antizipéieren an esou eventuell Accidenter ze vermeiden.

Et bléift nach ze soen, datt eventuell Sanktioune bei Verstéiss géint de Code de la Route een Deel vun de Missiounen vun der groussherzoglecher Police duerstelt.

Gëtt et Statistiken, déi d'Intensitéit vum Trafic op dëser Plaz detailléiert quantifizéieren?

Unhand vu permanente Compteuren, déi am ganze Grand-Duché op Vélosweeër, Autobunnen a Staatsstroossen installéiert sinn, kann permanent d'Intensitéit vum Trafic op bestëmmte Plaze kontrolléiert ginn.

Déi Donnéeë sinn ëffentlech a kënnen vu jiddweringem zu all Moment réckwierkend op di fënnf lescht Joer um "Portail des Travaux publics" opgeruff ginn (travaux.public.lu > Infos trafic > Comptage du trafic).

Op deem Site gesäit een dann, datt tëscht Fëschbech an dem Flouernumm "Kocherei" effektiv ee permanenten an automatesche Compteur steet, an zwar de Compteur n°946.

Tëschent de Joren 2018 an 2022 gesäit den duerchschnëttlechen deegleche Verkéier an deenen zwou Richtungen op dëser Plaz folgendermoossen aus:

	2018	2019	2020	2021	2022
Notzgefierer	912	816	939	1113	1141
Autoen	7574	7114	7004	7890	7999

(Dës Zuele representéieren wéi uewe bemierkt de järelechen Duerchschnëttstrafic op dëser Plaz während engem Zäitraum vu 24 Stonnen a béid Richtungen.)

Lëtzebuerg, 11. Januar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch